LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5749 vum 11. Februar 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Georgen**

**Ad 1-6.):**

D'Police an de Minister fir bannenzeg Sécherheet si beméit fir den ekologeschen Impakt vun der Police ze minimiséieren. Dowéinst gräift d'Police och zum Deel op d'« mobilité électrique » zeréck, dëst awer primär fir administrativ Zwecker. Aktuell si ronn 30% vun de Commissariater mat Elektrobornen équipéiert. Wéi schonn an anere parlamentaresche Froen erwänt, ginn d'Ufuerderunge vun der Police bei Interventiounen haut nach net vun der « mobilité électrique » erfëllt. D'Police suivéiert deementspriechend d'Evolutioun vum Marché fir an Zukunft nach méi nohalteg agéieren ze kënnen.

Och d'Soumissioun vun 2021 erlaabt et der Police hiren CO2-Austouss ze reduzéieren. An den nächsten 4 Joer ginn heiduerch 96 al Gefierer (EURO 5 Norm) mat Neien (EURO 6 Norm) ersat. Bei den neie Gefierer ass den CO2-Austouss méi niddereg wéi bei deenen Aalen. D'Soumissioun gesäit fir dass 96 Gefierer iwwert en Zäitraum vu 4 Joer geliwwert ginn fir e Gesamtmontant vun 4'960'000 € ttc, respektiv jeeweils 24 Gefierer fir 1'240'000 € ttc pro Joer.

Am Prinzip bestellt d'Police keng zousätzlech Optioune bei de Fournisseuren. All déi fir de Police-Asaz erfuerderlech Equipementer ginn am Virfeld am Cahier des charges festgeluecht. Sämtlech Equipementer si sécherheetsrelevant respektiv Standardequipementer, déi all vun der Police gezeechent Gefierer mussen hunn.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX